

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8215 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Oftstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmegeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty (par Mme Barbara Agostino) et Mme Lydie Polfer (par M. Pim Knaff) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par M. Yves Cruchten), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis ;*

*M. Roy Reding.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

**11. 7959 – Projet de loi portant organisation de l'assistance judiciaire et portant abrogation de l'article 37-1 de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat**

An da packe mer och nach de Moien de Projet de loi 7959 iwwert d'Afëiere vun enger juristescher Hëllef. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An da wier et nach eng Kéier um honorabelen Här Charles Margue fir de Rapport. Här Margue wannechgelift.

**Rapport de la Commission de la Justice**

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Majo, da kierz mer d'Zäit vum Aperitif e weineg.

(Hilarité)

Ee Moment.

De Gesetzesprojet 7959, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, geet iwwert d'Assistance judiciaire. Et ass e wichtege Schrëtt fir e méi gerechten Zougang zur Justiz fir all Bierger. D'Recht, op Hëllef Recht ze kréien, gëtt gestärkt a gesetzlech verankert. Et ass eng Fro vu Gerechtegkeet, vu Chancëgläichheet viru Geriicht a vu Schutz vun de Grondrechter vun all Member vun eiser Gesellschaft. Et ass gutt, fir d'Vertrauen an d'Justiz ze ënnerstëtzen. Dat ass gutt fir de

Rechtsstaat an all seng Bierger. De Projet gëtt och um Terrain erwaart. Gutt, dass mer den Text haut kënne stëmmen.

D'Justizministesch huet de Projet de 26. Januar 2022 der Kommissioun als Avant-projet de loi virgestallt an en de 27. Januar, deen Dag drop, deposéiert. De Staatsrot huet säin éischten Avis den 1. Juni 2023 ginn, den 21. hu mer den Avis an der Kommissioun analyséiert. Et waren dunn Amendement-parlementaire prett an déi hu mer ugeholl an de Rapport goug bestëmmt.

De Staatsrot huet en Avis complémentaire de 7. Juli formuléiert, wourop den 11. Juli d'Regierung, fir do-rober kënne ze reagéieren, nach Amendements gouvernementaux gemaach huet. Doropshin huet de Staatsrot säin zweeten Avis complémentaire de 14. Juli ugeholl a Gréng Luucht ginn. De Rapport war du fäerdeg fir de 17. Juli an der Kommissioun, wou mer en ugeholl hunn.

Mir kruten nieft den dräi Avisa vum Staatsrot nach aacht Avisa: vun der Cour supérieure, dem Bezirksgeriicht aus der Stad, deenen dräi Friddensgeriichter vun Esch, aus der Stad a vun Dikrech, dem Parquet général an deem aus der Stad a vum Barreau. All hu se de Projet begréisst a seng Noutwendegkeet ënnerstrach. Merci un all d'Auteure fir déi nützlech Avisa.

Ëm wat geet et? Aktuell ass d'Assistance judiciaire duerch d'Gesetz vum 13. Juli 2015 relative à l'aide judiciaire gereegelt. D'Demandé fir Assistance judiciaire gi vum Bâtonnier traitéiert, zentral am Barreau an der Stad. Mat zéng Mataarbechter ass dat aktuell dee gréisste Service um Barreau. Mat dëser Reform kann een dervun ausgoen, dass dëse Service an Zukunft nach wäert wuessen.

D'Haaptobjektiv vun der Assistance judiciaire ass, deene Leit den Accès zur Justiz ze garantéieren, déi iwwer begrenzt finanziell Mëttele verfügen, fir d'Frais vum enger Procédure judiciaire ze stemmen, also selwer bezuelen ze kënnen. D'Assistance judiciaire ass also e wichtege Outil, fir d'Chancëgläichheet vun de Bierger virun der Justiz hierstellen.

D'Assistance judiciaire ka verschidde Fraisen en charge huelen, wéi natierlech d'Affekotekäschten, awer och Fraise vum Expertis an, wann et noutwendeg ass, Iwwersetzungskäschten.

Fir vun der Assistance judiciaire ze profitéieren, muss een awer verschidde Kritären erfëllen, wat d'Finanzsituatioun ugeet, ech sinn drop agaangen. D'Demande muss och motivéiert sinn. Mee de Bâtonnier ka se refuséieren, wann d'Chancë grouss sinn, dass d'Aktioun schlussendlech als net recevabel erkläert gëtt, oder wann déi Fraisen, déi riskéieren ze Entstoen, iwwerproportionéiert sinn zum But vun der Action en justice.

An do ass beim aktuelle Gesetz de Problem, dass deen, deen och nëmmen ee Cent méi wéi de REVIS kritt, vun der Assistance judiciaire ausgeschloss ass.

Mam Gesetz, dat mer haut stëmmen, ännere mer dat. D'Beneficiairë vun der Assistance judiciaire si laut deem neien Text Personnes physiques mat begrenzte finanzielle Ressourcen. Och de Statut de résidence gëtt gekuckt. Donieft ginn am Artikel 2 nach aner Kategorie vu Beneficiairen opgezielt, dorënner Personnen, déi Affer sinn am Kader vun enger penalier Prozedur an déi sech als Partie civile constituéieren. Déi Persounen kënnen also Schuedenersatz froen.

Stellt Iech d'Situatioun nämlech vir, wou Dir manifest Affer sidd, Schued erlidden hutt, mee well Dir keen oder net genuch Geld hutt fir en Affekot, kënnt Dir den Täter net fir Schuedenersatz usichen.

Am Gesetzesprojet gëtt et e ganz decisiven Ënnerschied mat der Situatioun vun haut. Dat ass, dass mer eng Staffellung aféieren. Nieft der Assistance totale wäert et an Zukunft eng Assistance partielle ginn, déi 50 % oder 25 % vun den Affekotenhonoraren an deenen anere Fraise méiglech mécht.

Den Artikel 5 determinéiert de Plaffong, ënnert deem d'Person eng Assistance judiciaire totale accordéiert kritt. Am Artikel 6 ass en Tablo, dee fir all Zesummesetzung vum Stot eng Valeur fixéiert, ënnert där een eng Assistance partielle vu 50 oder 25 % kann ufroen.

An da gi mer och dem Bâtonnier e gewëssene Spillraum, fir eng Situatioun ze appreciéieren, an eng Assistance judiciaire ka vum Bâtonnier accordéiert ginn, wann déi finanziell Konditiounen zwar gutt sinn, mee et awer seriö Grënn gëtt, déi sozialer, familiärer oder materieller Natur sinn an déi eng Assistance judiciaire rechtfertegen.

Och Persounen, déi vun enger Procédure de règlement collectif des dettes beneficiéieren, wéi am Gesetz vum 8. Januar 2013 iwwert d'Verschuldung festgehale ass, kënnen vum Bâtonnier eng Assistance judiciaire accordéiert kréien.

Wéi geet dat of? Et muss eng Konventioun gemaach ginn tëscht dem Beneficiaire an dem Affekot, deen den Dossier iwwerhëlt.

Bei der Assistance judiciaire zugonschte vu Mannerjärege wäert de Staat an Zukunft op de Recouvrement vun de Fraise bei den Eltere verzichten, dëst well dacks schwierig Familljesituatiounen an deene Fäll bestinn an esou e Recouvrement nach weider Spannungen kann ervirbréngen. An deem Kontext kann een awer och drop hiweisen, dass d'Recht op en Affekot fir Mineuren am Projet de loi iwwert de Jugendschutz, an der aktueller Fassung dovun, soll gestärkt ginn.

Nei ass dann och nach, dass d'Assistance judiciaire sech och am Kader vun enger Mediationsprozedur kann applizéieren. Dat war bis elo ausgeschloss. Ausser et géif aussergewéinlech Grënn dofir ginn, dierf de Beneficiaire maximal eng Kéier ufroen, fir den Affekot ze wiesselen.

Domadder hunn ech dat Weesentlechste zu dësem Gesetzesprojet gesot an ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmoos dem Här Rapporteur Charles Margue.

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Adehm ageschriwwen. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**Mme Diane Adehm (CSV) |** Merci, Här President. Fir unzefänken direkt e grouse Merci un de Rapporteur fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport.

Dëse Projet de loi war am Koalitiounsofkomme vun der aktueller Regierung virgesinn. An an den Ae vun der CSV-Fraktioun ass et e wichtege Gesetzesprojet, well bis elo stoungen d'Dispositiounen iwwert d'Assistance judiciaire oder, wéi een esou schéin op Däitsch seet, d'„Prozesskostenhilfe“, regruppéiert an engem eenzegen Artikel am Gesetz iwwert de Beruff vum Affekot.

Haut stëmme mir en eegent Gesetz fir dës wichteg finanziell Hëllef, vun där an Zukunft vill méi Leit profitéieren kënnen. Mir sinn haut an enger Situatioun, wou leider net jiddweree sech en Affekot leeschte kann. An engem Rechtsstaat ass et awer fundamental, fir all Bierger den Zougang zur Justiz ze garantéieren, a grad eeben och deene Leit, déi finanziell net esou gutt gestallt sinn.

Aktuell gëtt de REVIS als eenzege Krittär geholl fir ze bestëmmen, ob eng Persoun d'Assistance judiciaire accordéiert kritt oder net. Dëst ass awer méi wéi problematesch, well ganz vill Leit ginn duerch den aktuelle System vun dëser Hëllef ausgeschloss. Eng Persoun, déi och nëmmen e bësse méi wéi de REVIS verdénkt oder kritt, huet bis elo ni eng Hëllef vum Staat kritt, fir d'Prozesskäschten ze iwwerhuelen. An doduerjer kënn et dann och, dass ganz vill Leit, déi e bësse méi verdénken, drop verzichten, fir eng Gerichtsprozedur ze lancéieren, well si sech et ganz einfach finanziell net leeschte kënnen. Dat ass an eisen Aen eng Situatioun, déi an engem Rechtsstaat net ze akzeptéieren ass a wou een entgéintsteiere muss.

An den Ae vun der CSV sinn déi aktuell Dispositionen a Bezuch op d'Assistance judiciaire net méi zäitgeméis an et gouf wierklech Zäit, fir eppes ze änneren. Duerfir begrëisse mir och ausdrécklech de Gesetzesprojet vun haut. Mat dësem Projet gëtt d'Méiglechkeet geschaaft, dass och Leit, déi, wéi scho gesot, e bëssen iwwert dem REVIS leien, eng finanziell Hëllef kréie fir eng Gerichtsprozedur. Mir sinn dann am Kader vun der sougenannter „assistance judiciaire partielle“, déi agefouert gëtt.

Mir begrëissen och, dass d'Fraise vun enger Procédure de médiation, sief et judiciaire oder extrajudiciaire, an Zukunft iwwerholl ginn an dass och Mineure weiderhi kënnen dovunner profitéieren. E Mineur, deen en Affekt brauch, ka vun dëser Assistance judiciaire profitéieren, ouni dass d'finanziell Situatioun vu sengen Eltere gekuckt gëtt.

Mir begrëissen och, dass an Zukunft de Staat déi Suen, déi e virgestreckt huet, net méi wäert bei d'Elteren zrëckfroen goen, well de Problem ass, dass oft d'Relatioun zwëschen de Kanner an den Eltere schonn ugespaant ass, a wann dann nach eppes wéi dat heiten derbäikënn, dann dréit dat net onbedéngt derzou bäi, dass déi Relatioun an Zukunft besser gëtt.

Mir begrëissen och, dass verschidde prozedural Froen konkret am Text gekläert ginn an dass festgehale gëtt, wat vu Prestatiounen am Kader vun der Assistance judiciaire ka facturéiert ginn a wat net. Et ass fir eis e wichtege Text, deen d'Grondprinzipie vun eise Rechtsstaat stärkt a ville Leit den Zougang zur Justiz garantéiere wäert, déi an anere Fäll d'Bengelen bei d'Tromm gehäit hätten.

An deem Sënn ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | An ech soen der Madamm Adehm villmools Merci a ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Carole Hartmann (DP)** | Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, Lëtzebuerg kann houfreg sinn op e staarke Rechtsstaat, e Rechtsstaat, wou zanter 1995 och Persounen mat Revenuen an Héicht vum REVIS iwwer eng Assistance judiciaire e Rechtsbäistand ënner verschiddene Konditiounen kënnen bezuelt kréien. Domat sollten déi finanziell Moyenen net den Ausschlag sinn, fir e Recht viru Geriicht anzufuerderen oder net.

An awer ass et ëmmer nees virkomm, dass Mënschen net konnte kloen, well hinnen déi finanziell Mëttele gefeelt hunn. Wann ee just liicht iwwert dem Montant vum REVIS louch, ass d'Demande vun enger Assistance judiciaire verworfen ginn an dann hunn déi Concernéiert op hir Rechter viru Geriicht implizitt misse renoncéieren.

Esou wéi am Koalitionsaccord vun 2018 vun de Majoritéitspartei festgehalten, féiere mir dowéinst haut eng Assistance judiciaire partielle an. Dëst

Gesetz leescht domat e Bäitrag zur sozialer Gerechtigkeit. Méi Mënsche wäerten nämlech Zougang zu enger Assistance judiciaire kréien an domat och en Accès zur Justiz hunn.

Och wäerten an Zukunft d'Käschten fir eng Assistance judiciaire fir e Mannerjäregen net méi nodréiglech bei den Elteren agedriwwen ginn. Bis elo huet dëst Andreiwen zu Konflikter tëscht den Elteren an hirem Kand gefouert a finanziell fragill Haushalter nach zousätzlech belaascht, woumadder en fin de compte kengem gedéngt war, op alle Fall net dem Kand.

Här President, bei all dëse ganz positiven Aspekter ass mam Avis complémentaire vum Staatsrot nach eng Schwierigkeit opgetaucht. Virgesi war nämlech initial, dass bei engem Refus vum Bâtonnier, fir eng AJ ze accordéieren, esou wéi et haut och de Fall ass, e Recours virum Conseil disciplinaire et administratif ka gemaach ginn. Elo huet sech awer de Staatsrot formell dergéint opposéiert, datt dës Recours virum dësem Organe professionnel kënnen ageleeet ginn. Grond dofir ass haaptsächlech de Fait, dass de fréieren Artikel 95bis Paragraf 2 vun der aler Verfassung net an der neier Verfassung iwwerholl gouf. Dësen hat virgesinn, dass de Legislatuer weider Juridictions administratives kéint schafen.

No Récksprouch mat eiser Spriecherin, wat d'Verfassungsfroen ugeet, d'Simone Beissel, war et awer an eisen Aen net d'Volontéit, fir den Organes professionnels wéi dem Conseil disciplinaire et administratif Attributiounen a Kompetenzen ewechzehuelen. Au contraire. Et gesäit een un engem Gesetz, dat mer virun dräi Wochen hei gestëmmt hunn, wou mer nach d'Unzuel u Membere vum Conseil disciplinaire et administratif vu fënnef op néng eropgesat hunn, dass dës weider soll kënnen fonctionéiere wéi virun der Verfassungsreform. Déi Augmentatioun vu Membere war och grad gemaach ginn, well mat der Extenssioun vun der AJ méi Affären erwaart goufen an dofir de Conseil disciplinaire et administratif opgestockt ginn ass.

Hei muss deemno fir eis als DP nogebessert ginn an, wann néideg, och d'Verfassung nach emol ugepasst ginn, le cas échéant, andeems de feelende Saz nees bäigesat gëtt.

En attendant ass elo, fir dass mer de Projet awer stëmmen kënnen, wat ganz wichteg ass a wat mir och als Demokratesch Partei ënnerstëtzen, eng alternativ Léisung fir d'Recours géint d'Decisiounen vun de Bâtonnieren a puncto AJ fonnt ginn, andeems dës Recours virum de Friddensgerichter kënnen gemaach ginn an d'Friddensgerichter hei „en dernier ressort“ statuéieren. Den „dernier ressort“, deen net weider vun dem Staatsrot kommentéiert ginn ass, werft awer och d'Fro op no dem „double degré de juridiction“, deen am Prinzip bis haut och assuréiert war, well een och no dem Recours bei dem Conseil administratif et disciplinaire nach konnt virum de Conseil administratif et disciplinaire d'appel weidergoen.

Wichteg bei der Solutioun, déi elo um Dësch läit, ass, dass dës Recoursen esou séier wéi méiglech kënnen ofgewéckelt ginn, eng Remark, déi och am Kader vun den Travaux parlementaires vun dem Friddensgericht vun Dikrech gemaach ginn ass.

Aktuell hëlt och de Conseil disciplinaire et administratif innerhalb vun engem kuerzen Delai seng Decisiounen bei Recoursen am Kader vun enger AJ. Eng séier Decisioun ass engersäits wichteg fir de Justiciabel, dee viru Geriicht klot oder sech wiere wëllt. Si ass awer och wichteg, fir den Affekten, déi sech ëm d'Affäre vun de Concernéierte bekëmmere, Kloeerheet ze ginn, ob hir Käschten vum Staat am Kader vun enger AJ iwwerholl ginn oder ob d'Leit

hir Käschten selwer mussen droen. Ech denken dobäi notament u jonk Affekten, déi ganz vill Assistance-judiciairë maachen an déi eng Sécherheet brauchen, fir net op de Käschten setzen ze bleiwen.

An der Prozedur virum de Friddensgerichter ass näischt Spezifesch virgesinn, wéi séier dës Affäre mussen ofgewéckelt ginn. Hei muss mer an eisen Aen onbedéngt an der Praxis en Aen drop halen, fir dass et net zu ze laangen Delaien kënn, éier eng Decisioun do ass, ob eng AJ en fin de compte accordéiert gëtt oder net.

Här President, mir bleift keng Zäit méi. Mat de puer Bemollen, déi ech genannt hunn an der eventuell néideger Verfassungsrevisioun ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hartmann. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Dan Biancalana.

**M. Dan Biancalana (LSAP)** | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, Madamm Ministesch, och dem Rapporteur hei nach eng Kéier merci fir säi gudde mëndlechen a schrëftlechen Rapport. Jo, d'Assistance judiciaire ass fir d'LSAP e kruzialt Element vun engem equitabelen an accessibelen Justizapparat, well si garantéiert alle Persounen, onofhängeg vun hirem sozialen Statut, en Accès zur Justiz an och eng anstänneg juristeschen a gerichtlechen Verriedung respektiv da Representatioun.

Mir si fir den Zougang vu jiddwerengem, an do hëlleft d'Assistance judiciaire an d'Reform, déi mer hei och maachen, ganz sécherlech. Als LSAP hate mer och d'Reform vun der Assistance judiciaire 2018 an eise Walprogramm ageschriwwen, se huet och de Wee fonnt an de Koalitionsaccord a mir setzen awer och, mengen ech, dee Volet ëm vum Rapport vum État de droit vun der Europäescher Unioun, déi och e Verweis mécht op d'Ëmsetzung vun der Assistance judiciaire an hirem Rapport vun 2022. Ech mengen, och deem leeschte mer deementspriedend hei Folleg.

Wa mir e moderne Rechtsstaat wëllen, ech mengen, da brauche mer en zougänglechen Justizapparat, deen et all Bierger erlaabt, seng Rechter a Fräiheeten anzekloen, falls se dann och verletzt géife ginn. E Recht an eng Fräiheet verléieren hir Valeuren, wann den Titulaire de droit d'finanziell Moyenen net huet, fir kënnen viru Geriicht ze goen a sech och do juristeschen beroden ze loosse.

Déi Vulnerabelst vun eiser Gesellschaft, dat heescht, déi, déi a schwieriger Situatioun sinn, mussen vum Staat ënnert d'Äerm gegräff kréien, fir sech kënnen gerichtlech och verrieden ze loosse. An dës Projet ass wichteg, well déi aktuell Gesetzeslag weenege Leit et erlaabt, op d'Assistance judiciaire zrëckzegräifen. An de Rapporteur ass ausféierlech a sengem Rapport drop agaangen: Aktuell gëllt de REVIS als eenzege Krittär, fir ze bestëmmen, wien e Recht op eng Hëllef huet oder se kann notzen. An effektiv ass se och de Moment nach ze limitativ.

Eng Persoun also, déi ganz liicht iwwert dem REVIS läit, fällt direkt aus dem Champ vun de Beneficiairen eraus. Dat heescht awer net onbedéngt, dass déi Persoun manner op Hëllef ugewisen ass. D'Honorairë sinn oft proportionell zu de finanziellen Capacitéiten vum Client deementspriedend bestëmmt, just datt déi vun enger Persoun, déi e ganz e bësse méi wéi de REVIS verdénkt, net onbedéngt eng méi héich Capacitéit huet wéi e REVIS-Empfänger.

Legal gesinn – dat wësse mer – huet jiddwereen d'Recht an en Zougang zu de Gerichter. Den Accès



zur Justiz ass duerch déi europäesch Mënscherechtskonventioun, déi och e Recht gëtt op en equitabele Prozess ..., ech mengen, dat ass ganz kloer virgeschriwwen. An dës zwee Prinzipien hu mir souguer och an eiser neier iwwerschafter Verfassung festgehalten, gradesou, mengen ech, en Interêt méi, dëst Gesetz ëmzesetzen. Also: All Bierger muss effektiv en Zougang zur Justiz hunn an dierf sech net duerch de finanziellen Aspekt dovunner ofhale loosse respektiv dovunner ageschränkt sinn.

Ech mengen, dofir ass och den Novum vun der partieller Assistance judiciaire, déi agefouert gëtt, ganz wichteg, e ganz wichtige Novum, och wann en Deel vun den Affekotenhonoren also engersäits vum Staat rembourséiert gëtt an deem aneren Deel vun de Käschten iwwert eng Konventioun iwwerholl gëtt, wou déi zwou Parteien dat och deementsprechend festhalen, an natierlech och, mengen ech, dass ee kann e Recours géint eng negativ Decisioun virhuelen.

Den aktuellen Text gëtt eis Satisfaktioun. Mir waren awer och als LSAP besuergt, dass déi Verhandlungen, déi stattfannen tëschent dem Client an dem Affekot, dass déi net zum Nodeel vum Affekot sinn, wann et ëm déi finanziell Dispositiounen geet, déi de Client selwer muss en charge och deementsprechend huelen. Ech mengen, dass dat e wirklecht immens wichteg Element ass, well dofir mengen ech, ... Och de Bâtonnier kann de Montant net kontrolléieren. E kann en en compte och huelen duerch déi Konventioun, déi effektiv deementsprechend stattfënn.

Wat awer och, mengen ech, ganz wichteg ass, dat ass am Kader vum Jugendschutz. Ech mengen, et ass immens ze begreissen, dass e Mineur kann op d'Assistance judiciaire zréckgräifen an dass en effektiv do net iwwert seng Elteren muss fueren an de Recouvrement vun de Frais net bei den Elteren ass, mee dass, wéi gesot, integral de Staat dat mécht. Ech mengen, et ass wichteg, dass e Mineur d'Recht kritt op juristesche Bästend, dat onofhängeg vun der finanzieller Situatioun vu sengen Elteren oder vun deene Persounen, déi mat him effektiv am Haushalt liewen. Dass de Recouvrement net bei den Eltere geschitt, ass willkomm. Ech mengen, dat wär contraire zu der ratio legis, well wann d'Eltere wëssen, dass se jo final derfir opkomme missten, bon, da géife se et sech vläicht wuel aneschtens iwwerleeën a Fonctioun vun der Situatioun, an där sech de Mineur befënn.

Wat mer och als LSAP willkomm heeschen, ass am Fong och, dass d'Käschten – ech mengen, och dat ass en neie Moment – vun der Mediation an de Champ d'application vun der Assistance judiciaire mat erageholl ginn, mengen ech. Alternativ Resolutionsmethode sinn och wichteg par rapport zu deene klassische Prozeduren, déi mer hunn, an ech mengen, mat där Reform hei vun der Assistance judiciaire gëtt ganz kloer e Stéck méi sozial Gerechtegkeet effektiv och virgedroen.

An dofir, mengen ech, gi mer och den Accord als LSAP. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Biancalana. An ech ginn d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, Här President, merci. Ech wollt eigentlech vun der Plaz schwätzen. Awer der Madamm Hartmann hir Ried huet mech esou begeeschtert, si huet mech praktesch heihinnergerappt, ...

*(Interruption)*

... well dat hunn ech awer ganz, ganz schéi fonnt.

Ech erënnere mech hei, nach virun e puer Wochen, wéi mer iwwert déi nei Verfassung geschwat an

ofgestëmmt haten, wéi d'ADR sech géint viles gewiert huet, wéi mer gesot hunn: „Et ass eng Verfassung, wou ganz vill Problemer dra sinn“, awer hei ass déi Begeeschterung am Sall esou grouss gewiescht, dass mir marginaliséiert waren.

Elo war et interessant, ze gesinn, dass déi éischt Verfassungsännerung heibanne gefrot gëtt vun der Demokratescher Partei, 19 Deeg, nodeem déi nei Verfassung a Kraaft ass. Den 1. Juli ass se mat enger grousser Feier ageweit ginn. Den 19. Juli kënnt d'DP heihinner a seet: „Mir hätte gär eng éischt Ännerung.“ Ech kann Iech soen: Dat ass déi éischt vun Dosenden an Dosende vun Ännerungen, déi mer an där do Verfassung nach wäerten erliewen an deenen nächste Joren, well se ass wirklecht net onbedéngt e fantastesch gutt Dokument!

Wat elo hei den Dossier ugeet, iwwert d'Assistance judiciaire elo speziell, do droe mir dat selbstverständlech mat an ech wëll mech just op dräi Bemierkungen beschränken, well d'Kollegen hu scho ganz vill gesot.

Dat éischt ass dat, wat net hei drasteet – dat ass awer eppes, wat mir konsequent fuerderen –, dat ass, dass fir verschidde Kategorië vu Leit de Staat automatesch d'Assistance judiciaire soll iwwerhuelen. Wa seng Beamten duerch d'Exekutioun vun hirem Déngscht an eng Situatioun kommen, wou se verklot ginn, wéi zum Beispill de Polizist, dee muss kënne automatesch mat der Assistance judiciaire rechnen, quitte dass en natierlech herno muss zréckbezuelen, sollt seng Schold festgestallt ginn an esou weider – ech mengen, dat ass ganz kloer –, mee awer dass d'Solidaritéit vum Staat géintiwwer de Beamte muss do sinn, wann déi ugeklot ginn, dat ass nach ëmmer net de Fall. An dat ass eppes, wat mir bedauern.

Eng zweet Saach, déi mer géife proposéieren, dass mer déi Reflexioun hei viruféieren – dat ass jo ganz gutt, wat elo gemaach gëtt, an ech wëll dat net nach eng Kéier widerhuelen –: All déi Moosnamen, déi elo ageféiert ginn, dat ass sécher eng Erliichterung fir ganz vill Leit, an trotzdem bleift d'Justiz esou deier, en Affekot esou deier fir vill Leit, dass déi och mat där Ausweitung, déi mer haut hunn, net kënne hir Rechter effikass geltend maachen. Dat ass leider esou. Dofir muss mer vläicht iwwerleeën an eis och e bëssen inspiréieren an deem, wat am Ausland ass, an Däitschland oder esou, ob mer net innovativ musse gi fir eis hei am Land, eventuell och higoen, Sträitwäerter festzesetzen, wéi dat am Ausland ass, fir awer eng finanziell Planbarkeit do eranzebréngen, fir dass d'Leit wëssen, op wat se sech aloossen, wat de Volume ass herno vun hirem finanziellen Engagement, dass dat previsibel ass. An ech mengen, dat wier sécher eppes, wat mer hei am Land och sollten iwwerleeën.

An eng drëtt Saach, déi mer och sollte kucken, dat ass: A verschidde Saachen hu mer vun engem gewëssene Sträitwäert en eng Obligatioun, en Affekot ze huelen. Dat gëtt ëmmer erëm a Fro gestallt. Mir hunn e Fall gehat. Viru Kuerzem sinn ech vun engem Jurist ugeschwat ginn, deem huet gesot: „Ma ech si Jurist, ausgebildete Jurist. Wann ech awer mat där an där Saach misst viru Gericht kommen, da misst ech en Affekot engagéieren, fir fir mech ze plädéieren, obschonn ech et selwer och kéint.“ Also, dat sinn esou Situatiounen, wou mer ...

*(Interruption)*

Jo, jo, am Abléck geet dat och net. Mee et sinn einfach Situatiounen, wou mir wëllen e Gedankenustouss hei ginn, fir Saachen ze iwwerdenken, déi hei am Land eebe sinn, a wou mer sollten eventuell kucken am Ausland, fir nei Usätz ze fannen, fir d'Justiz eebe fir méi Leit accessibel ze maachen.

Voilà. Also, wéi gesot, d'ADR stëmmt dat hei mat. Et ass eng ganz gutt Initiativ. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kartheiser. An da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | Merci, Här President. Während et un der Politick ass, ënner anerem de Kader vum gesellschaftleche Liewen an Zesummeliewen ze definéieren, ass et eng vun den Aufgaben vun der Justiz, am Fall vu Konflikter Léisungen ze fanne souwéi derfir ze suergen, dass d'Rechter vun de Persounen garantéiert a respektéiert ginn.

D'Recht op en Zougang zur Justiz ass dowéinst immens wichteg, well ouni dëst Recht all déi aner Rechter nëmmen um Pabeier existéieren. Wat bréngt beispillsweis enger Persoun dat beschte Aarbechtsrecht, wa si am Fall vun enger Mëssuechtung net d'Méiglechkeet huet, hiert Recht anzekloen? Geneesou ass et onbestritten, dass net all Persoun ëmmer iwwert all hir Rechter opgekläert ass an oft sinn d'Situatiounen esou komplex, dass eng Consultatioun vun engem Affekot oder enger Affekotin op d'mannst empfeelenswäert ass, fir eebe beschtméiglech ze wëssen, wat alles engem seng Rechter sinn an enger bestëmmter Situatioun.

An enger gerechter Gesellschaft muss dowéinst d'Recht op en Zougang zur Justiz fir all Persoun dat nammlecht sinn, dat heescht, dass all Persoun déi gläich Chance muss hunn, iwwert hir Rechter Bescheid ze wëssen a se eeben och afuerderen ze kënnen.

Här President, trotz senger fundamentaler Bedeitung ass d'Recht op en Zougang zur Justiz fir vill Persounen oft keng Realitéit. Persounen, déi beispillsweis a finanzielle Schwierigkeete sinn, iwwerleeën sécherlech vill méi oft, éier se sech juristesche berode loosse a maachen dat éischter nëmmen a wirklechen Ausnahmefäll, wou et beispillsweis evident ass, dass se enger Ongerechtegkeet ausgesat sinn.

Au contraire, Persounen, déi finanziell éischter keng Suergen hunn, sinn oft immens gutt iwwer hir Rechter informéiert, wat dann derzou bäidréit, dass hir scho privilegiéiert Situatioun sech nach emol verstärkt. Beispillsweis kann een hei un eng multinational Enterprise denken, déi sech bis an dee leschten Detail vun héich qualifizierten Expert/innen berode léisst, wéi se am meeschte Steiere ka spueren, während zur gläicher Zäit ënner anerem hir Aarbechter/innen, déi d'Päck ausliwweren, zu schlechte Konditiounen a Grozone schaffen an eeben net iwwer hir Rechter, déi hinnen eigentlech zoustinn, opgekläert sinn.

Wann de Persounen den Zougang zur Justiz also erschwéiert gëtt, da féiert dëst ënner anerem zur Reproduzéierung vum existéierende sozialekonomechen Ongläichheeten an Ongerechtegkeete souwéi zu Diskriminéierungen.

Här President, e wichtige Bestanddeel fir eng Stärkung vum Recht op den Zougang zur Justiz fir jiddwereen ass d'Assistance judiciaire, woubäi de Grondgedanke jo deem ass, dass Persounen, déi net iwwert déi noutwendeg finanziell Mëttele verfüegen, en Usproch op eng finanziell Hëllef hunn an déi kréien.

Wéi meng Virriedner/innen soten a wéi och am Rapport steet, funktionéiert deem aktuelle System gewëssermoossen no engem Alles-oder-näischt-Prinzip. D'Verwendung vum Revenu d'inclusion sociale als eenzege Krittär, fir ze bestëmmen, ob eng Persoun en Usproch op eng Hëllef huet oder net, ass hei natierlech problematesch, well eng

minimal Iwwerschreidung vum der virgesinner Limitt duergeet, fir keen Usproch méi op eng finanziell Hëllef ze hunn. Natierlech féiert esou en Alles-oder-näischt-Prinzip zu Ongläichheeten a verhënnert, datt Persounen, deenen eventuell eppes zousteet, och agéieren. A mir kennen alleguerten zum Beispill och Affer vun haislecher Gewalt, déi sech zum Deel immens och mussen verschëlden, och an Héicht vun Zéngtausenden Euro, fir hir Justizkäschtchen ze droen.

Mir begrëssen dowéinst natierlech ausdrécklech d'Objektiv vum dësem Projet de loi, nieft der kompletter Assistance judiciaire eng partiell Assistance judiciaire anzeféieren. Wann dësen Text elo mol bis emol eng gewëssen Zäit a Kraaft ass, denken ech, dass et ganz interessant wier, ze kucken, ze analyséieren, awéifern déi momentan virgesinnen Tauxen duerginn oder net an ob ee vläicht muss nobesseren an noajustéieren.

Dat gesot, droe mir dësen Text natierlech mat, deen eebe sécherlech eng Verbesserung zur aktueller Situatioun ass. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President, merci dem Rapporteur. Dat doten ass en Thema, dat mer am Office social méi oft matkréien, dass d'Leit finanziell Hëllef brauchen, wa se bei der Justiz müssen en Dossier traitéiere loossen. Dofir ass dat heiten e Wee, dee mir Piraten och esou kënne matënnerstëtzen. An dofir wäerte mir et och haut matdroen. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizminstesch Sam Tanson.

### Prise de position du Gouvernement

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Jo, Här President, Dir Dammen an Hären Deputéiert, da fir de leschte Projet fir de Moien, deen awer e ganz wichtige Projet ass, wou ech wierklech frou sinn, dass mer dat elo nach hikruten zesummen, fir do en neie Wee anzeschloen, wat d'Assistance judiciaire ube-laangt.

Dat klénkt vläicht e bëssen technesch oder e bëssen no Finanzen, mee et ass en extreem wichtegt Instrument beim Accès zur Justice. Well als Affekotin kann ech mech ganz gutt erënneren, dass ech méi wéi eng Kéier d'Situatioun hat, wou e Client gemengt hat, e kéint vun der Assistance judiciaire profitéieren, dass et herno awer esou just net opgaangen ass, wat een natierlech dann ëmmer virun direkt méi kruzial Froe stellt, ob ee sech da kann déi ganz Prozedur eebe leeschten oder net. An dat ass awer extreem schwierig, dass et un de Finanze scheitert, ob ee säi Recht kann exercéieren oder säi Recht net kann exercéieren, an dass eebe déi Limitt do existéiert huet, déi zwar e bësse flexibel gehandhaabt ginn ass vum Barreau, mee ze soen: „Soubal een iwwert dem REVIS läit, dann huet ee kee Recht méi op e vum Staat bezuelten Affekot“, dat ass natierlech fir vill Leit eng ganz schwierig Situatioun an déi mécht dann eebe och, dass een heiansdo eng Rechtslag, déi net richtig gewiescht wier, dass een déi huet missen hinhuelen, well een einfach sech net konnt leeschten, en Affekot selwer ze bezuelen. An et ass duerfir ëmsou méi wichteg, dass mer elo dat hei haut uginn.

Ech ginn Iech vläicht nach e puer Zuelen och mat op de Wee: Aktuell huet de Service d'assistance judiciaire pro Mount eng Moyenne vu 717 Demandé fir eng Assistance judiciaire an d'Ausgabe vum Staat louchen zejoert hei bei 7,8 Milliounen Euro. Dat ass och e Montant, deen an deene leschte Joren ëmmer

geklommen ass, an dat weist natierlech och dee grouse Besoin u finanzieller Ënnerstëtzung fir d'Justiciabelé mat ze niddrege finanzielle Mëttelen an eiser Gesellschaft.

Et huet sech eebe, wéi gesot, erausgestallt, dass mer dat heite missten adaptéieren, an duerfir elo dee Choix. An do hu mer och e bësse gekuckt, wéi dat am Ausland och traitéiert gëtt, fir déi Assistance judiciaire partielle eebe ze erfëllen, wou da jee no Zesummesetzung vum Stot a Revenu zu engem Prozentsaz vu 50 respektiv 25 % vum Staat gehollef gëtt bei den Affekotskäschtchen an och de Fraisen, déi duerch d'Gerichtssaffären entstinn. Wat awer och e ganz wichtegt Element ass, dat ass – an do war ech och immens frou, wéi souwisou bei deem ganzen Dossier, iwwert déi gutt Zesummenaarbecht mam Barreau –, dass mer eis konnten eens ginn iwwer eng Convention d'honoraires, déi muss ofgeschloss gi mat dem Client de Moment, wou eebe déi ganz Prozedur mam Client uleefft. Dat ass wichteg, well et grad eebe fir Leit, déi elo keng héich Revenuen hunn, eng gewësse Previsibilitéit brauch, dass ee muss wëssen, wat esou en Dossier herno ka kaschten an dass et eebe souwuel dem Affekot, dee souwisou déi Obligatioun huet, d'Revenue vu sengem Client ze consideréieren, wéi awer och dem Client erlaabt, déi Diskussioun sachlech ze féieren an dat dann och vu virera festzehalen. De Barreau wäert hei e Modell och ausschaffe vun esou enger Konventioun an déi dann och zur Verfügung stellen, soudass d'Affekoten da kënne dorobber zrëckgräifen.

Wat awer och e wichtegt Element ass: Wann Der kuckt, eleng an deene leschte puer Woche krute mer vu verschiddenen internationalen Instanze Recommendationen, dass mer op deem heite Punkt missten eis verbessern, notament d'Recommandatiounen vum der EU-Kommissioun beim État de droit, wou mer eng ganz gutt Nott ausgeschriwwen kruten, wou gesot ginn ass, hei wär et wierklech wichteg, dass mer deen heite Prozess fir d'Adoptioun vum deem Gesetz kéinte weiderdriewen, fir eebe d'Assistance judiciaire méi accessibel ze maachen. Och an dem rezente Rapport vum der UNO, „Business and Human Rights“, hirer Initiativ fir d'Schafe vun enger Assistance judiciaire partielle, gëtt ënnerstrach, dass mer dat sollten ugoen.

Dann, et ass ugeklongen, e Punkt, dee vläicht méi en Detail schéngt ze sinn, deen awer extreem, extreem wichteg ass, dat ass deen, dass d'Affekotekäschtchen bei den Eltere vu Mineuren, déi vun der Assistance judiciaire..., also de Recouvrement vum den Affekotekäschtchen bei den Eltere vu Mineuren, déi op en Affekot zrëckgräifen, dat gëtt ofgeschaf. De Grond heifir ass: Wann e Kand en Affekot zur Verfügung gestallt kritt an duerno awer déi Fro am Raum steet, dass d'Elteren deemno wéi müssen derfir opkommen – dat si schonn oft schwierig Situatiounen, wann e Kand muss op en Affekot zrëckgräifen –, dat riskéiert, d'Relatioun mat den Eltere wierklech ze belaauchten, déi jo dann eebe mussen fir déi Käschtchen duerno opkommen.

En plus ass déi Situatioun, wéi se haut existéiert mam Recouvrement, mat engem groussen administrativen Opwand verbonden, an de limitéierte Montant, deen de Staat konnt iwwert deen dote Wee erëm andriewen, deen ass souwisou net extreem héich.

Vläicht och do e puer Zuelen: Zejoert goufe 629 Demandé fir eng Assistance judiciaire vu Mineure gestallt. An dat ass och eng Zuel, wann een déi lescht Jore kuckt, déi progressiv no uewen evaluéiert. 2020 ware mer nach bei 574 Demanden an 2021 bei 643 Demanden.

Et ass och ugeklongen, och dat si wichteg Elementer: Bei der Procédure de surendettement kann d'Assistance judiciaire elo spillen. Dat si jo Situatiounen, wou d'Leit schonn a ganz schwierige finanzielle Situatiounen sinn, wou se dann awer heiansdo doduerjer, dass hir Revenuen ze héich waren, och wa se schrecklech vill Scholden zrëckzebezuelen haten, net konnte vun der Assistance judiciaire profitéieren. Dat gëtt och elo hei behuuewen an dann och bei der Mediatioun kann een op d'Assistance judiciaire zrëckgräifen, wat jo och eppes ass, wat mer wëllen ënnerstëtzen an nach weider fërderen, well dat jo och déi ganz judiciaire Prozedur kann evitéieren.

Déi ganz Dispositiounen kommen och elo an e speziell Gesetz, et ass net méi just een Artikel am Affekotegesetz.

An déi Diskussioun, déi am Fong am intensivsten elo nach iwwert déi lescht Woche gefouert ginn ass, dat ass eebe déi, déi d'Carole Hartmann vir-drin ugeschwat huet, dat ass déi vun de Recours-méiglechkeeten, déi existéieren. Do gëtt et eng Interpretationsdivergenz tëschent dem Barreau, och villen anere Juristen, an deem Avis vum Staatsrot, dee mer kruten, wou gesot ginn ass, do misst een oppassen op d'Konformitéit zur Verfassung, wann d'Gerichtsinstanzen sech an deem Organe professionnel befannen an dann och Tiersen dozou geleet ginn, müssen e Recours maache virun esou engem professionelle Gericht.

Ech sinn och hei dem Staatsrot extreem dankbar, dass mer eng Propos gemaach kruten, wéi mer géifen dor-aus erauskommen. Mir hunn eis awer elo géenegt gehat op deen ziville Wee. Ech sinn awer och der Meinung, dass déi Diskussioun do net eriwuer ass an dass et net einfach d'Konklusioun ass, dass d'Ver-fassung muss ugepasst ginn – natierlech kann dat eng Optioun sinn –, mee dass den Echange muss gesicht gi mat dem Staatsrot.

An et ass jo d'ailleurs net nëmme deen heite Beräich, deen do gefuerdert ass. Dat doten ass eng Situatioun, déi kenne mer a ganz ville Beräicher, fir ze kucken, ob ee muss d'Verfassung upassen oder ob eebe Situatiounen, Doktrinnen zum Beispill, wéi mer se aus Frankräich kennen, och kënne an Lëtzebuerg transposéiert ginn. Déi franséisch Doktrinn, déi kënnt zur Konklusioun, dass dat net muss textuell an der Verfassung verankert sinn. Dat ass op alle Fall eng technesch Fro, eng institutionell Fro an eng juristesche Fro, déi an deenen nächste Méint muss gekläert ginn. Se geet, wéi gesot, wäit iwwert dat heiten eraus. Dat hei ass eng Reform, déi an hirer Integralitéit derzou bäidroen kann, dass ka verhënnert ginn, dass Bierger eleng aus Käschttegrënn Ongerechtegkeeten, déi hinne geschéien, léiwer erdroen oder ignoréieren, wéi dass si hir Rechter viru Gericht geltend maachen. Et ass wierklech eng Mesür, déi eise Rechtsstaat stäerkt an déi wichteg fir eis ass, fir Lëtzebuerg, fir eis Justice.

Mir hunn awer och – fir nach op déi Remark zrëck-zekommen –, mir hu scho virun zwee Joer d'Prozeduren am Zivilrecht wierklech vereinfacht, fir och do méi Leit d'Méiglechkeet ze ginn, net müssen op en Affekot zrëckgräifen. A wann een do och nach eng Kéier d'Avisen an déi verschidde Meinungen liest – och do hate mer enk mat den Autorités judiciaires a mam Barreau zesummegeeschafft –: Et ass ëmmer à double tranchant, well et geet natierlech drëm, dass ee bis e gewëssene Montant, bis eng gewëssen En-vergure sech selwer ka verteideigen, fir net müssen op en Affekot zrëckgräifen. Mee wann een dat ze vill wäit opmécht, do ass ëmmer d'Gefor – oder et gëtt gefaart –, datt Mënschen hir Rechter net kënne komplett ausüben, well se eebe net kënne op e



professionelle Conseil zréckgräifen, spréch eeben den Affekot, dee se begleet.

An do hu mer dann och herno vläicht e Problem vun Egalitéit vun de Waffen, wann deen ee mat engem Affekot vertruuden ass, deen anere sech perséinlech viru Geriicht verteidegt, wou een dann awer och riskéiert, seng Rechter net geltend kënnen ze maachen, well en net déi néideg juristesche Begleedung huet. Mee, wéi gesot, mir hunn dat scho virun zwee Joer am Zivillrecht ugepasst, wou mer d'Montanten, d'Seuilen, an d'Luucht gesat hunn, wéini ee kann ouni Affekot bei de Friddensriichter goen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Justizministesche Sam Tanson. Parole après ministre fir den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech versprechen, ech maachen et kuerz. Ech hunn elo grad nach eng Kéier déi Interventioun vun der Madamm Ministesch héieren zum Thema „Wéi maache mer den Accès zu de Geriichtsbärkeete méi equitabel, méi oppen?“. D'Assistance judiciaire, déi mer haut stëmmen, ass sécherlech e wichtegen Deel, dofir gi mer eisen Accord dozou.

Ech constatéiere just, datt, wann een op d'Verwaltungsgeriicht geet – wou meeschtens de Géigner de Staat oder eng Verwaltung ass, d'Gemengen – ganz heefeg d'Gerichter eeben net d'Unerkennung vun de Frais d'avocat schwätze respektiv se daitlech ënnert deem usetzen, wat een effektiv derfir bezilt, soudatt een u sech fir Leit, déi aus de Seule vun der Aide d'assistance judiciaire erausfalen an awer géint de Staat op d'Gericht musse goen – an dann och nach Recht kréien, wat weist, datt de Staat jo am Onrecht war –, heefeg awer op Käschte sëtze bleiwen.

An ech mengen, wann een dat heiten, wat d'Madamm Ministesch elo grad gesot huet, zu Enn denkt, da misst et u sech sinn, datt zumindest, wann de Staat oder eng Gemeng oder soss eng ëffentlech Verwaltung um Verwaltungsgeriicht verléiert, datt dee Moment misst eng Käschteniwernam vun deenen Affekotskäschten d'office de Fall sinn, well

nëmmen esou kann ee wierklech garantéieren, datt d'Leit Accès hunn, fir géint Entscheedungen, déi géint si getraff goufen an déi vläicht falsch waren – well soss géife se net gewinnen –, och dat Recht kënnen kréien, an net nëmme Recht hunn, mee och Recht kréien.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. An d'Wuert geet nach eng Kéier zréck un d'Madamm Justizministesche.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Jo, ech verstinn déi Diskussioun. Et ass eng Diskussioun, déi ass al. Mee wéi Der et selwer sot: Et ass am Ermiesse vum Riichter, ze decidéieren, wat do zréckbehale gëtt. An natierlech kann een doriwwer erausgoen, et kann een dat gesetzlech verankeren – mee dat ass am Fong eppes, wat mir an eisem Rechtssystem net kennen. Dir hutt an Däitschland de System, wou d'Frais de justice mussen integral vun där anerer Persoun iwwerholl ginn. Dat ass ... Dir sot elo, Dir hutt dat net gesot, mee dat hei ass wierklech eng prinzipiell Fro, déi kann ee gären diskutéieren. Ech verschléisse mech do och kenger Diskussioun.

Mee dat huet natierlech och erëm deen aneren Effekt, dass et eng Barriär kann duerstellen, wann een eng Affär ugeet, dass ee weess, wann ee verléiert, dann huet een och d'Frais vun deem Géigeniwwer matzedoen. Ech weess, Dir hutt et limitéiert op de Staat an op d'Gemengen. Mee nach eng Kéier: Am Moment ass de System eeben deen, dass et am Ermiessen ass vun de Gerichter, ze kucken, wat néideg ass a wat net.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Justizministesche. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 7959. Den Text steet am Document parlementaire 7959<sup>a</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7959 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeho.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galle (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par Mme Martine Hansen), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par M. Yves Cruchten), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Djuna Bernard), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par Mme Josée Lorsché) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis ;*

*M. Roy Reding.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung fir de Moien ukomm. D'Chamber kënnt de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 12.18 heures.)

## 68<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Marc Spautz, Vice-Président

### Sommaire

#### 1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, Président

#### 2. 8227 – Projet de loi portant modification :

1<sup>o</sup> du Code du travail ;

2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration ;

3<sup>o</sup> de la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à l'accueil des demandeurs de protection internationale et de protection temporaire

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile : M. Yves Cruchten

Discussion générale : M. Marc Spautz | M. Gusty Graas | Mme Stéphanie Empain | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement

p. 44

Prises de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile | M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8227 et dispense du second vote constitutionnel

#### 3. Ordre du jour

M. Fernand Etgen, Président

#### 4. 7949 – Projet de loi portant modification :

1<sup>o</sup> du Code pénal ;

2<sup>o</sup> du Code de procédure pénale ;

en vue de renforcer les moyens de lutte contre les abus sexuels et l'exploitation sexuelle des mineurs

Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue

Discussion générale : M. Gilles Roth (intervention de Mme Nancy Arendt épouse Kemp) | Mme Carole Hartmann | M. Dan Biancalana | M. Fernand

p. 49

p. 49